ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'CSV iwwerhëlt ADR-Fuerderung vu Verfassungsreferendum mat Detailfroen

Pressematdeelung vum 3. Juli 2019

Dat wichtegst Gesetz vun engem Land ass d'Verfassung, och Grondgesetz genannt, dat fir d'Stabilitéit vun den Institutioune suergt an de Bierger virun der Willkür vum Staat schützt.

Eng grondleeënd Reform vun der Verfassung kann duerfir nëmme mat de Bierger gemaach ginn, dat heescht, d'Bierger mussen vun Ufank un enk mat an d'Diskussioun an an d'Entscheedungsprozedur agebonne ginn.

D'ADR huet dofir de Referendum vun 2015 begréisst, well do d'Vollek an enger geheimer Ofstëmmung seng Meenung zu dräi kloere Froe konnt zum Ausdrock bréngen, déi dann och am neie Verfassungstext hire Nidderschlag musse fannen.

D'ADR huet dofir an hirem Walprogramm 2018 festgehalen, an op hirem Nationalkongress vun 2019 nach eng Kéier konfirméiert, datt am Virfeld vun der Verfassungsreform weider punktuell Froen iwwert Artikelen oder Kapitele missten an engem Referendum vum Bierger décidéiert ginn. Den ofschléissenden integralen Text gëtt dann de Bierger nach eemol zur Ofstëmmung virgeluecht.

De politesch Kompromëss tëschent CSV, LSAP, DP a Grénge war a Wierklechkeet näischt weider wéi e politesche Kouhandel tëschent Parteien, deen awer net onbedéngt dem Wëlle vun de Bierger entsprieche muss.

Bei der ADR-Propositioun brauchen d'Bierger net iwwert e politesche Kouhandel ofzestëmmen, mee d'Lëtzebuerger Vollek decidéiert eleng, wéi seng Verfassung ausgesäit.

D'ADR kann dës 180-Grad-Kéier nëmme begréissen an ass frou driwwer, datt d'CSV op déi 2018 an hirem Walprogramm festgehale Prozedur verzicht.

Zënter gëschter schéingt d'CSV aus dem parteipolitesche Kouhandel wëllen eraus ze klammen a sech der ADR-Propositioun zu 100% unzeschléissen.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742
ADR – Parti politique 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 2620 3706